N°2346
Entrée le 20.05.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.05.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/05/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

Et gouf rezent bekannt gemaach, datt d'Finanztechnologie-Firma Revolut decidéiert huet, hiren neien Haaptsëtz fir Westeuropa a Frankräich anzeriichten an eng franséisch Bankelizenz unzefroen. Dës Entscheedung vun enger wichteger Fintech-Firma kéint potenziell Auswierkungen op de Lëtzebuerger Finanzplaz hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. War d'Regierung a Kontakt mat de Vertrieder vu Revolut virun dëser Entscheedung? Falls jo, wat waren d'Grënn, déi d'Firma uginn huet, fir sech géint Lëtzebuerg ze entscheeden?
2. Hat Revolut och zu Lëtzebuerg no de Konditiounen fir eng Bankelizenz gefrot?
3. Wéi evaluéiert d'Regierung den Impakt vun dëser Entscheedung op d'Lëtzebuerger Finanzplaz, besonnesch am Kontext vun der Konkurrenz tëscht europäeschen Zentre fir Finanztechnologie-Firmen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten